N°4652
Entrée le 20.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

D'Banque Internationale à Luxembourg (BIL) transferéiert den 1. September 2026 ronn 130 bis 140 Salariéen aus hirem Informatiksberäich un d'Kyndryl Luxembourg. Dësen Transfert leeft iwwer eng Zessioun vun engem Betribsdeel am Sënn vum Artikel L.127-1 vum Code du travail. D'Salariéë ginn also net entlooss, mä kollektiv un en neien Employeur iwwerdroen, sou datt d'Prozedur vun der kollektiver Entloossung an dem Plan social (Artikele L.166-1 an nofollegend) net zur Uwendung kënnt.

Den Artikel L.127-1 ass ursprénglech als Schutzbestëmmung fir d'Salariéë geduecht. Wa se awer benotzt gëtt, fir eng Ëmstrukturéierung op den Iwwerhuelenden ze verlageren, da stellt sech d'Fro, ob dëse Schutz net a säi Géigendeel ëmschléit. Déi zwee Joer Aarbechtsplazgarantie, déi an dësem Fall ausgehandelt goufen, decken da just d'Zäit of, bis d'Ëmstrukturéierung beim neien Employeur gräift.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Betribsiwwergäng am Sënn vum Artikel L.127-1 goufen an de leschte fënnef Joer der Inspection du travail et des mines (ITM) matgedeelt, an ëm wéi vill betraffe Salariéen handelt et sech?

2. Erhieft d'ITM systematesch, wéi vill vun dëse Salariéë bannent 24 respektiv 36 Méint no engem Transfert bei hirem neien Employeur entlooss goufen? Wa jo, wéi gesinn dës Zuelen aus? Wann net, firwat gëtt dës Donnée net erhuewen?

3. Ass den Här Minister der Meenung, datt am aktuelle Gesetzeskader eng Lück besteet, déi et engem Employeur erlaabt, iwwer de Wee vum Betribsiwwergang d'Oplage vun engem Plan social ze

ëmgoen?

4. Iwwer wéi eng Mëttel verfüügt d'ITM konkret, fir bei engem Betribsiwwergang ze préiwen, ob et sech net ëm eng verstoppte kollektiv Entloossung handelt? Gouf dës Iwwerpréiwung an de leschte Joren a konkrete Fäll gemaach?

5. Gedenkt d'Regierung eng Evaluatioun vum Artikel L.127-1 virzehuelen, notamment wat d'Kombinatioun vun engem Betribsiwwergang mat enger uschléissender Ëmstrukturéierung beim Iwwerhuelenden ubelaangt?

6. Wéi bewäert den Här Minister d'Praxis, datt d'Aarbechtsplazgarantie no engem Betribsiwwergang op zwee Joer limitéiert gëtt? Gesäit d'Gesetz eng Mindestdauer vir oder ass dat eng reng vertraglech Fräiheet tëscht den zwee Betriber?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten